# ETHIKCODE FIR BIBLIOTHEKÄREN AN ANER AM INFORMATIOUNSSECTEUR SCHAFFEND LEIT

Kuerzfaassung

## PRÄAMBEL

Dësen Ethikcode bitt eng Rei vun ethesche Recommandatiounen fir d'Orientéierung fir eenzel Bibliothekären ewéi och fir am Informatiounssecteur schaffend Leit, grad esou wéi als Hiwäis fir Bibliothéiks- an Informationsverbänn, wann déi hir eege Codë kreeéieren oder iwwerschaffen.

Den Zweck vun engem Ethikcode ass ët

- d'Reflexioun iwwer Prinzipien z'encouragéieren, op Basis vun deene Bibliothekären oder aner am Informatiounsecteur schaffend Leit Richtlinnen entwéckelen oder mat Dilemmaën eens kënne ginn,
- hir professionnell Conscience ze stäerken,
- allgemeng Transparenz vis-à-vis vu Benotzer an der Societéit ze schafen.

Dëse Code soll schonn existéierend Codë net ersetzen oder Berufsverbänn vun hirer Obligatioun befreien fir hir eege Coden duerch e Prozess vu Recherche, Consultatioun a kooperativer Entwécklung ze developpéieren. Eng komplett Iwwerteneestëmmung mat dësem Code gëtt net erwaart.

D'Aussoen vun dësem Ethikcode stäipen sech op d'Grondprinzipien, déi an dëser Präambel behandelt ginn, fir e Pak vu Suggestiounë fir d'Behuelen vu Professionneller z'offréieren. D'IFLA ass sech bewosst, datt dës Grondprinzipien am Zentrum vun all ähnleche Code stoe mussen, mee d'Spezifizitéiten vu Coden jee no Situatioun vu Gesellschaft, Gewunnechten oder virtuelle Gemeinschaften natierlech variéieren kënnen. D'Entwécklung vu Coden ass eng essentiel Funktioun vun enger professionneller Associatioun, esou ewéi ethesch Reflexiounen eng Noutwendegkeet fir all Fachleit sinn. D'IFLA recommandéiert den IFLA-Ethikcode all hire Memberassociatiounen an Institutiounen, esou ewéi den eenzelne Bibliothekären an am Informatiounsecteur schaffende Leit fir dës Zwecker.

D'IFLA wäert dëse Code iwwerschaffen falls et néideg wir.

## 1. ACCÈS ZU INFORMATIOUNEN

Zur Haaptmissioun vu Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit gehéiert et, den Accès zu Informatiounen fir all z'assuréieren zum Zweck vun der perséinlecher Entwéckelung, Educatioun, kultureller Beräicherung, Fräizäitorganisatioun a wirtschaftlech Aktivitéiten, der informéierter Participatioun un demokratesche Prozesser esou ewéi der Konsolidéierung vun demokratesche Strukturen.

Dofir refuséieren Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit all Zort vun Zensur; si striewen dono, hir Servicer fir d'Utilisateuren käschtefräi unzebidden, maache Reklamm fir Kollektiounen a Servicer bei potentielle Notzer a beméien sech, hir physesch a virtuell Servicer esou zougänglech ewéi nëmme méiglech ze maachen.

## 2. RESPONSABILITÉIT GÉIGENIWWER INDIVIDUËN AN DER GESELLSCHAFT

Fir Inklusioun z'encouragéieren an Diskriminéierung ofzeschafen, setzen sech Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit dofir an, datt d'Recht op Accès zu Informatiounen net refuséiert gëtt an datt identesch Servicer fir jidfereen zougänglech sinn - onofhängeg vun Alter, Nationalitéit, politischer Iwwerzeegung, kierperlecher oder geeschteger Kapazitéit, Genderidentitéit, Kultur, Edukatioun, Akommes, Immigratiouns- oder Asyldemandestatus, Familiesituatioun, Origine, Rass, Relioun oder sexueller Orientéierung.
Fir d'Amelioratioun vum Informatiounsaccès fir all ënnerstëtzen Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit d'Mënschden bei der Informatiounsrecherche, hëllefen hinnen bei der Weiderentwéckelung vun hirer Lies- an Informatiounskompetenz an encouragéieren déi ethesch Utilisatioun vun Informatiounen (besonnesch fir d'Wuel vu jonke Leit).

## 3. DATESCHUTZ, DISKRETIOUN AN TRANSPARENZ

Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit respektéieren d'Privatsphär an d'Protectioun vu perséinlechen Donnéeën, déi evidenterweis tëscht Individuën an Institutiounen ausgetosch ginn. Gläichzäiteg encouragéieren si déi beschtméiglechst Informatiounstransparenz am Zesummenhang mat ëffentlechen Organer, Privatentreprisen a soss allen Institutiounen, deenen hir Aktivitéiten d'Liewen vun Individuën an der Gesellschaft allgemeng concernéieren.

## 4. OPEN ACCESS A GEESCHTEG PROPRIETÉIT

Et läit am Interessi vun de Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffende Leit, Bibliothéiksutilisateuren de beschtméiglechen Accès zu Informatiounen an Iddien onofhängeg vu Medium a Format unzebidden. Zur selweschter Zäit sti si dozou, Partner vun Auteuren, Editeuren a soss Kreateuren vun duerch Droits d'auteur protegéiert Wierker ze sinn.
Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit setzen sech dofir an, datt esouwuel d'Droitën vun den Utilisateuren ewéi och déi vun den Auteuren respektéiert ginn. Si ënnerstëtzen d'Prinzipien vun Open Access, Open Source an Open Licenses. Am Hibléck op Droits-d'auteur-Reegelungen beméieren si sech ëm adequat a noutwenneg Limiten an Exceptiounen fir Bibliothéiken a setzen sech virun allem géint d'Expansioun vu existéierenden Droits-d'auteur-Reegelungen.

## 5. NEUTRALITÉIT, PERSÉINLECH INTEGRITÉIT A PROFESSIONELL KOMPETENZEN

Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit sinn obligéiert, vis-à-vis vu Kollektiounen, Utilisatioun a Serviceofferen eng neutral a onparteiesch Attitude anzehuelen. Si beméieen sech, equilibréiert Kollektiounen opzebauen, eng fair Servicepolitik z'applizéieren, hir perséinlech Iwwerzeegungen géinteniwwer hiren dingschtleschen Obligatiounen zeréckzestellen, géint Korruptioun ze kämpfen an si striewen no den héchste Standardën fir hir professionell Kompetenzen z'optiméieren.

## 6. RELATIOUNEN ZU KOLLEGEN AN RELATIOUNEN TËSCHT SUPERIEUREN A MATAARBESCHTER

Bibliothekären an aner am Informatiounssecteur schaffend Leit gi fair a respektvoll matenaner ëm. Si si dofir géint all Diskriminéierung op der Aarbescht opgrond vun Alter, Nationalitéit, politischer Iwwerzeegung, kierperlecher oder geeschteger Kapazitéit, Genderidentitéit, Familiesituatioun, Origine, Rass, Relioun oder sexueller Orientéierung. Si setzen sech dofir an, datt Männer a Fraen gläich Pai fir gläich Arbescht kréien, ginn hir Beruffsexperienz weider a bedeelegen sech aktiv un der Arbescht vun hire professionellen Associatiounen.

Eraarbescht vum Loida Garcia-Febo, Anne Hustad, Hermann Rösch, Paul Sturges an Amélie Vallotton (FAIFE-Aarbeschtsgrupp). Promulgéiert duerch den IFLA-Virstand, August 2012. Adoptéiert per Vote duerch d'Generalversammlung vum 22.03.2013. Translation by / Iwwersetzung duerch: Jean-Marie Reding, ALBAD-President.